Gouf iwwersaat vun de Leidelenger CaraPio Mandy a Philipp (vun Däitsch op Letzebuergesch)
Gett gespillt vun de Leidelenger CaraPio : Noemi, Pascale, Rosy, Mandy, Alex an Philipp

# D'Verwiesselung

Personnages :

| | | |
|---|---|---|
| Bauer Eugène | 50 Joër | Drenkt gären |
| Bauerefra Josephine | 40 Joër | Herresch |
| Duechter Anne-marie | 23 Joër | Lues an zimmlech naiv |
| Véiverkeefer Pol | 50 Joër | Schlitzouer |
| Michel | 25 Joër | Fein |
| Claude | 40 Joër | Gewitzt |

Eugène (E) Kommen mer zum Geschäft … du hues mäi Stéier gesin, wat gess de mer duerfir ?

Gouf iwwersaat vun de Leidelenger CaraPio Mandy a Philipp (vun Däitsch op Letzebuergesch)
Gett gespillt vun de Leidelenger CaraPio : Noemi, Pascale, Rosy, Mandy, Alex an Philipp

| | |
|---|---|
| Pol | En ass schon zimmlech aal an rabbeleg, ausserdem schéngt en mer net wierklech ganz gesond ze sin ... naja .... Wells du et bass Eugène ... ech mengen et gudd, soen mer ... 500 € |
| Eugène | Woooaaaah... aal an rabbeleg ??? Du fënns hei an der Geigend néirens méi sou en gesonde Stéier ... Ennert 800 € leeft do naischt |
| Pol | Bleif mol um Buedem... deen huet dach net méi fir laang, 600 mai lescht Wuert |
| Eugène | 700 |
| Pol | 550 |
| Eugène | 750 *(reselt den Kapp)* |
| Pol | 600 ... an dann mengen ech et gudd mat der ... |
| Eugène | Bon daje allt ... dir Véihändler ruinéiert eis aarm Baueren nach |
| | *Die 2 gin sech d'Hand drop* |
| Pol | Ok da schreiwen ech der e Scheck iwwer 550 € aus |
| Eugène | Vu wegen 550 fissi ... 600 war ofgemaach ! |
| Pol | Jo schon, meee ech zéien der déi 50 euro schon direkt of, déis de mer versprach hues, wan neen deng Mier nach keeft. |
| Eugène | D'Geld kriss de wann d'Päerd verkaaf ass |
| Pol | Ass et scho ... wéinstens sou gudd wéi ... Ganz zoufälleg interesséiert de Claude vum Leidelenger Haff sech fir eng Mier, e wollt haut nach laanscht kommen an sech d'Päerd ukucken |
| Eugène | Waat mengs de waat en mer duerfir gett ? |
| Pol | Keng Ahnung ... Obwuel ECH dir jo 200 € ugebuede hun |
| Eugène | Du häss et dach just an d'Schluechthaus bruecht ... an daat well ech net, et huet mer jorelaang gudd Déngschter geleescht an ech wéilt schon dass et rem an gudd Hänn kennt ... |
| Pol | Firwat hälls de et da net |
| Eugène | Saitdem ech deen naien Trakter hun, brauch ech et net méi |
| Pol | Jojo .... D'Technik ass net opzehaalen |
| Eugène | Da ginn ech eraus an këmmeren mech em de Stéier ... AN DU schreifs de Scheck iwwer 600 € aus ! ... oder besser du fëlls 2 Schecken aus ... een vun 500 € fir menger Frau ze weisen an een vun 100 € fir mech. |
| | *( De Uegène geet fort an de Pol setzt sech un de Desch )* |
| Pol | Et gëtt ëmmer méi schwéier mat de Baueren gudd Geschäfter ze maachen |
| | *( d'Josephine kennt eran )* |
| Josephine (J) | Ey salut Pol ! |
| Pol | Schéinen gudde Moien du schéinsten vun allen Bauersfraen ... du Sonn um Himmel ... du ... ! *(gëtt ennerbrach)* |
| Josephine | OH komm lo haal op du aale Charmeur, so mer léiwer obs de eppes vun engem Jong-Gesell heiren hues fir eist Anne-marie |

Pol — Natierlech, maach och du alt schon die 50 € prett dei ech ze gudd hun wann ech déngem Anne-marie en Mann fannen … Nach haut kënnt e wonnerbare Prënz laanscht !

Josephine — Schwätz dach net ëmmer sou blöd !

Pol — Wat heescht hei blöd ? Ech sin einfach romantesch. Mee lo am Eescht, de fils vum aalen Jempi, de Mich, wollt haut nach laanscht kommen fir sech är Duechter unzekucken

Josephine — Sou en gudd Geschäft ass dat awer net …

Pol — Ech gin et zou et entsprecht vläischt net graad dem Stand vun ärem Haff, mee sou wei ärt Anne-marie ausgesait, kann et och net grad en Brad Pitt erwaarde …

Josephine — Lo haal de Baack ! Eist Anne-marie ass eng gudd Kächin, fläisseg an hat wees wéi een muss mam Véi emgoen … AN ausserdem kënnt jo och nach eng gudd Matgëft mat …

Pol — Eben … mat sou enger grousser Matgëft, kéint de Mich sain Haff vergréisseren … an en ass jo awer och wierklech en korrekten Kärel

Josephine — Ass jo gudd … sin jo schon frou wann et iwwerhaapt een kritt

Pol — majo dann hei hin mat meengen 50 €

Josephine — Réischt bei der Hochzait

Pol — Bon daje allt, ech gin lo raus, huelen den aalen Stéier mat … salut bis soss eng Keier !

Josephine — Jo salut Pol

*( De Pol geet raus )*

Josephine — Wann en haut schon kennt da muss ech d'Anne –Marie awer warnen.

*( D'Anne-marie kennt )*

Anne-Marie — Waat ass ? Hues du mech geruff ?

Josephine — Ok, lauschter gutt no Anne-marie !!! Du gees lo, wäschs dech , dees däin schéinsten Kleed un, styles déng Hoer an iwwerhaapt, maach dech einfach e bessen propper fir dass du gutt ausgesais.

Anne-Marie — Haut ass jo guer net Sonndeg… mol keen Feierdaach… Waat wells du vu mir ?

Josephine — Sierf lo net sou blöd . Maach einfach waat ech der soen. Glaich kennt däin Fraier.

Anne-Marie — Firwaat Fraier ? Ech hun daach guer keen….

Josephine — Sou domm wéis du bass kriss du och guer keen vum selven. Doweinst hun ech d'Saach an d'Hand geholl fir dass du mat déngen 23 Joer mol endlech enner Daach kenns.

Anne-Marie — Meee… ech well mech guer net bestueden… Waat muss een do iwwerhaapt maachen?

Josephine — Ma daat selvecht wéi hei och…kaachen, wäschen an d'Véi versuergen

Anne-Marie — An owes ?

Josephine Aahhh daat méngs du ?....Mmmhhh....Ma da sëtz dech mol hei hin main Kand.

*(Sie setzen sech)*

Anne-Marie Hoffentlech ass et net e schwéier.
Josephine Also pass gutt op, daat ass esou.... Eehhmmm.....also... wanns du owes mat déngem Mann an d'Bett gees HHmmmm .... Dann .... Daat ass sou wéi....ooohhh.... du wees schon....
Anne-Marie Nee eigentlech net.
Josephine Ma sierf net sou blöd. Du hues dach schon noogekuckt wan d'Kéi do op der Wiss..... Du wees schon waat ech mengem. Ma bei eis Menschen ass et ähnlech.
Anne-Marie Wéi hëlls du e Stéier mat da d'Bett???
Josephine Du Kallef !! Heiansdo froen ech mech wéi blöd dass du bass !! De Stéier ass dach dai Man.
Anne-Marie Lo kapéieren ech guer naischt méi. MAMA... Ech hun Angscht.
Josephine Maach dach net an d'Box. Däin Zukünftegen waist der schon alles.

*( D'Anne-marie geet )*

Josephine Hoffentlech ass de Mich alt e Gudden.

*( De Claude kennt eran, d'Josephine geet )*

Claude Keen do ?... Daat ass keen schlecht Zeeschen. Wan d'Baueren vill ze schaffen hun dann hun se keng Zait fir ze verhandelen. Vläischt kommen ech dann méi belleg un main schéint d'Päerd. Méi wéi 200 € well ech net ausgin.

*(D'Josephine kennt erem)*

Josephine Moien ???
Claude Salut ! Bass du Bauersfra ???
Josephine Jo daat sin ech. Waat mess du bei eis an der Stuff ???
Claude Daat ass esou..... de Pol schéckt mech weinst dem ....... *(gett ennerbrach vum Josephine)*
Josephine Ahh jo, ech wees bescheed.. Sëtz dech heihin. Ech huelen schnell eng kleng Drëpp. Dann schwätze mer iwwert d'Affair.

*( D'Josephine geet bei de Schaaf an hëllt eng Drëpp an da proste si )*

Josephine An elo zum Thema : Du bass jo och net méi graad de Jéngsten, mee hoffentlech jo awer nach Jonggesell.
Claude Natierlech sin ech nach Jonggesell mee waat huet daat do mat ze din ???
Josephine Jo dach, du hues Recht. Amfong huet daat naischt domat ze din.

| | |
|---|---|
| | D'Haaptsach et huet et gutt bei der. |
| Claude | Jo gutt huet et secher bei mir, et muss eben gesond an kräfteg sin. Virun allem riicht Been an waiss Zänn. Fir dass et nach laang wärt um Feld schaffen kennen. Beim plouen an sou weider. |
| Josephine | Eigentlech war eist d'Anne-marie nemmen am Stall beschäftegt me Feldaarbescht léiert et och séier. |
| Claude | Ahh d'Päerd heescht Anne-marie… Komeschen Numm… me et ass egal. An wéi steet et domadden *( bewährtes Zeeschen fir Geld)* |
| Josephine | Do maach der keng Suergen. Mir gin eis bestemmt eeneg. Mir sin keng aarm Leit. Eist Anne-marie bréngt gutt vill Geld mat. |
| Claude | Méi wéi 200 € wollt ech eigentlech net ausgin , |
| Josephine | Wéi ausgin ? Du kriss vill Geld wanns du et hëlls.. |
| Claude | *(Zum Publikum)* Do ass dach eppes faul. E Päerd bréngt dach ni Geld mat. |
| Josephine | Wat mengs du ? |
| Claude | Ech mengen… bass de secher…Dass et ganz gesond ass, keng Kränkt, keng Prellungen oder soss eppes |
| Josephine | Wéi schwetzt du iwwert main Anne-Marie ??? Hat ass kär gesond. |
| Claude | An d' Huff an d'Mähn sin och an der Rei ? |
| Josephine | *( zum Publikum)* Deen schwätzt vun sénger Fra wéi e Päerd. Op daat dat richtegt fir main Kand ass. |
| Claude | Waat hues du gesoot ? |
| Josephine | Jo … schéin laang Hoer an et huet och zierlech Féiss ! |
| Claude | AAaaah do ass den Haken, zierlech Féiss … dat ass awer guer net gudd fir Feldaarbecht… war dann och wuel nach ni virun de Plou gespaant … |
| Josephine | Fir sou Aarbechten huet een dach haut zu daags en Trakter, wat verlaangs du nach alles ? |
| Claude | So wei aal ass et iwwerhaapt ? |
| Josephine | Et ass 23 an haat och nach naischt mat aaneren Männer |
| Claude | Waaaat ???? Schon 23 Joer ass dat Béischt ? Dat keeft een awer och nemmen nach aus Matleed. |
| Josephine | Lo geet et awer duer ! Daat ass de beschten Alter, du bass awer och net méi de Jéngsten !!!! Wat hues du der dann erwaard ??? |
| Claude | Ech hun méi sou un 12 oder 13 Joer geduecht ! Ech well et dach net bestueden ! |
| Josephine | Lo awer raus du nidderträchtegen Kanerverféirer, du denks awer och nemmen un de Spaass |
| Claude | Ma ech gin gären hei raus! Nemmen raus hei aus desem Geckenhaus wann d'Bauersfra schon mëll an der Bier ass dann hun d'Päerd schon guer naischt an der Klatz !!! |
| | *( D'Josephine deet seng Schlapp aus an schmaisst se dem Claude no)* |
| Josephine | Verzéih dech ! |

*( De Claude leeft raus )*

Josephine — Hues du sou eppes schon gesin ?? An daat soll de Mann vu menger Anne-marie gin. Ohhh waard Pol ... Du kriss nach eppes ze héieren.

*( De Eugène kennt erem era)*

Eugène — Waat ass dann hei lass ??? Do ass jo graad een wéi der Daiwel iwwert den Haff gelaaf ...

Josephine — En huet och besser, soss hätt en meng Schlapp ze spieren kritt.

*(d'Josephine deet seng Schlappen rem un )*

Eugène — So mol, wat hues du géint de gudde Man ??

Josephine — Vu wegen gudde Man, eist d'Anne-marie wollt e mathuelen, am Daach fir d'Feld .... owes fir d'Bett wollt en et. Gewass, fir d'Hochzait war hat him schon ze aal. Awer deem hun ech et gin !

Eugène — Reeg dech net op Weib, Deen kennt bestemmt net erem.

*( D'Anne Marie kennt opgetackelt ernan)*

Anne-Marie — Mami war main Mann schon do ???

Josephine — Nix Hochzeit. Deen Delpes ass net gutt genuch fir dech. Do direkt rem di aaner Kleeder un.

Anne-Marie — Sou lo gin ech awer guer net mi eens. Virdrun hues du nach gesoot ech soll mech schéin undoen an elo sees du rem ech soll daat aalt Gezéi rem undoën.

Josephine — Maach waat ech der soen du Gréit, an reeg dech net op. Däin Zukünftegen kënnt haut net méi.

Anne-Marie — Dann war déi ganz Wäscherei jo fir naischt !

Eugène — O komm daat schued der naischt. Lo gei eraus an do dech aanescht un

*(d'Anne- Marie geet )*

Josephine — Sou blöd wéi hat ass kritt hat ni e Mann.

Eugène — Sou schlëmm ass et och rem net. Eist d'Anne-marie ass jo nach jonk an ausserdeem mat der Matgëft déi mer him matgin huet et suguer nach mat 30 Joër eng Chance.

Josephine — Hoffen mer. Mee eppes ganz aaneschtes lo ... fir wéivill hues du eisen Stéier verkaaf ?

Eugène — 500 € hun ech fir dat aalt Véi nach rauskritt

Josephine — Gëff dat leiwer mol heihin, ierts de et rem versaufen gees

Eugène — Ass jo scho gudd do hues de dain Scheck *(Den Eugène gëtt him de Scheck )*

Josephine — Sou wans de mech brauchs ... ech sin an der Kichen *( D'Josephine geet )*

Eugène — Ech sin sou gudd ... *(Hien zitt de 100 € Scheck eraus an kusst en)*

| | |
|---|---|
| | *( Et klappt )* |
| Eugene | Komm eran, wann et net den Däiwel ass ! |
| | *(De Mich kennt eran)* |
| Michel | Bjuer |
| Eugène | Moien ? Ween bass du dann ? Wat féiert dech hei hinner ? |
| Michel | Dat ass sou … de Pol sot mir dass hei … |
| Eugène | AAaah jo ech wees Bescheed, sëtz dech heihin … du hues bestemmt Duscht<br>Du drenks jo eng Drëpp gell ?! |
| | *(den Eugène hëlt 2 Feiglingen aus dem Schaaf)* |
| Michel | *(zum Publikum)* Naja de Schwéierpapp gefällt mer jo schon mol … wann seng Duechter och sou härzeg ass dann lauden d'Glacken<br>*(de Eugène bréngt de Feigling mecht en op an prost)* |
| Eugène | Zum Geschäft … Wat hues du der dann sou virgestallt ? |
| Michel | Ech wollt eigentlech nach naischt well ech nach zimmlech jonk sin awer mai Papp haat gemengt ech soll mer hat dach weinstens emol unkucken. Vläischt gefällt hat mer jo awer |
| Eugène | Hat gefällt der bestemmt, Hat ass kärgesond an kräfteg, hat ass mat sengen 15 Joer nach perfekt geegent fir d'Aarbecht |
| Michel | Waaat ? Ass hat ereischt 15 Joer aal ? Dat schengt mer nach e beschen jonk ze sin. Ech hun mer alt geduecht dass et wéinstens 18 Joer hätt |
| Eugène | *(zum Publikum)* Deen spennt dach … deen well jo absolut en aalen Gaul, ech hun d'Gefill dass mer do en gutt Geschäft maachen |
| Michel | Wat grommels du do ? |
| Eugène | Ech wollt soen, maach der naischt draus, aal gett et schon vun eleng |
| Michel | Do hues de och rem Recht, hautzudaags sin se souwisou alleguer frei raif |
| Eugène | Wat mer awer um Herzen lait… hat soll et gudd bei dir hun, an virun allem soll et gudd enner Daach kommen |
| Michel | Do brauchs de der keng Suergen ze maachen, an mengem Zëmmer steet schon laang en gemittlegt Duebelbett |
| Eugène | Nee du verstees mech falsch. Waat ech well wessen ass wous du wärs mai léift Päerdchen ennerbrengen . |
| Michel | *( Zum Publikum)* Päerd ass zwar e komeschen Spetznumm fir en Meedchen. |
| Eugène | Lo hun ech dech net verstaan. Waat mengs du ? |
| Michel | Ech hun der dach grad erklärt dass wann et mol bis mir gehéiert, därf et natierlech an mengen gemittlechen Duebelbett schloofen. |
| Eugène | *(Zum Publikum)* Naja… Ganz gutt am Kapp ass en jo och net méi<br>Lo hëls du mech awer op den Aarem . Daat ass net däin Eescht oder ? |
| Michel | Wéi et ass net main Eescht ? Wou ass et da bei ierch iwwert d'Nuecht ? |

| | |
|---|---|
| Eugène | Ma am Stall natierlech … Wou da soss ? |
| Michel | Am Daach jo mee wou ass et iwwert d'Nuecht ? |
| Eugène | Am Daach ass et op der Wiss … Mee an der Nuecht steet et awer am Stall. |
| Michel | Wann et färdeg ass behandels de et nach d'selvecht wéi d'Véi. |
| Eugène | Wéi soll ech et da soss behandelen ? |
| Michel | An du schumms dech net fir sou ze schwetzen? |
| Eugène | Also schummen machen ech mech wierklech net … Mee ech well mech net mat der streiden… ascheinend hun mer an der Saach komplett verschidden Usiichten. |
| Michel | Allerdengs |
| Eugène | Fir lo endlech zum Enn ze kommen. Geff mer 250 Euro an du kanns et direkt mathuelen. |
| Michel | (roosen) Daat gesait dir ähnlech… Behandels et wéi Véi an du wëlls et och wéi d'Véi ennert d'Leit bréngen amplaatz eng ordentlech Matgëft matzegin wéi een et eigentlech bei sou engem groussen Haff wéi dësem erwaarden kéint. |
| Eugène | *(och roosen)* Virwaat Matgëft ? Du wëlls mai Päerd dach net bestueden oder ? |
| Michel | Ma natierlech wollt ech et bestueden … Mee enner sou Konditiounen kanns du daat awer vergiessen. |
| Eugène | Ech mengen et ass besser du verschwënns elo, mat Gestéierte well ech naischt ze din hun. |
| Michel | Jo an zwar ganz schnell wëll ech hei fort. .. Ech wärd desen Haff neméi betrieden |
| | *( De Michel geet)* |
| Eugène | Jo gett et dann nach esou eppes, wou hun se deen da rausgeloos |
| | *(D'Josephine kennt erem)* |
| Josephine | Mai léiwe Mann … mat weem jaizt du sou ? |
| Eugène | Méng Frau … wann ech der daat heiten erzielen gleefs du et net.. Et war graad nach een Vereckten hei. |
| Josephine | E Vereckten ??? Wars du rem am Bistro ? |
| Eugène | Nee wann ech der et dach soen .. Do war graad een hei .. deen wollt eis aal Mier kaafen. |
| Josephine | Ma da häss de et dach sollen verkaafen …. Mir brauchen et dach schon laang net méi ?! |
| Eugène | Moment … daat schéinst kennt jo nach … Hie wollt net bezuelen mee ech sollt him nach Geld mat gin ! Duerfir hätt hien dann eist Päerd an sengem Bett schlofen geloos. |
| Josephine | Komm du mol hei hin an hauch mech un! Sou een Blödsinn kans du mer dach net zielen. |

Eugène Gleew mer oder och net, mee dest kann ech der awer soen. Wann mir de Pol nach eng Keier gesin kritt en d'Leviten gelies. Schéckt eis en Verreckten fir d'Päerd an well och nach Geld dofir.

Josephine Wann daat stëmmt wats de mer ziels kritt en awer wierklech emol d'Panz gerappt. Mir scheckt en sou en komeschen Kauz an dir sou en Verreckten.

Eugène Do hues de Recht. Deen denkt och mat eis dommen Baueren kann en alles maachen, mee do huet en sech awer geschnidden. Nächste Kéier gëtt en mam Greef empfaangen.

*(de Pol kennt eran)*

Josephine *(erschreckt)* Wann een vum Daiwel schwätzt ...

Eugène Vun dir hun mer graad geschwaat ... Komm du heihin ... Wat geet dech un eis wellen ran ze léen ?!

*( Den Eugène hëlt de Pol um Kolli)*

Pol Wooooah relax .... Ech sin hei fir iech alles ze erklären !

Eugene Do gëtt et net vill ze erklären, en klengen Luschen bass de !

Pol Lo lauschter mer dach mol no

Josephine Geff em 10 Sekonnen, Rausschmaissen kennen mer en duerno nach ëmmer

*(Eugene leisst de Pol lass)*

Eugène Do sin ech gespaant ... Loos der eng gudd afaalen

Pol Dat ass ganz einfach... Ech haat iech gesoot dass ech iech de Michel an de Claude laanscht schécken

Eugène Schon mee du hues net gesoot dass déi zwee sou lusch sin

Pol Sin se och net .. nemmen bei dir war de Mich ... deen deen deng Duechter bestuede wollt, du allerdéngs wolls him onbedéngt daat Päerd verkaafen...

Josephine Da war deen aaeren deen d'Päerd kaafen wollt bei mir an ech wollt hien mat eiser Anne-Marie verkuppelen

Pol Genau

Eugène Lo geet mer eng Spaicherluucht un, duerfir huet deen virdrun vun Duebelbett an Hochzait geschwaat

Pol Sou ähnlech ... Sollen mer en 2ten Versuch starten ? awer des Kéier ouni Verwiesselung

Josephine Jo gären ... mee sin di zwee net schon laang heem ?

Pol Nee si sëtzen dohannen an der Wirtschaft, an waarden dorop dass ech se sichen gin an alles richteg stellen.

Eugène Wéi hues du dat da schon rem färdeg bruecht

Pol Virdrun wou si vun ärem Haff geflücht sin wollten si och mat mer streiden, mee ech hun schnell gemierkt wéi den Hues leeft an hun si opgeklärt

Pol — Saitdem sëtzen si dohannen an der Wirtschaft an laachen nemmen nach driwwer

Eugène — Gudd da gin ech mol schnell dohinner an drénken en Patt mat hinnen.

Josephine — Nene du bleifs mer hei, de Pol soll die 2 sichen goen soss versaufs du et rem

Eugène — *(Zum Publikum)* Kuck der di Fra un Pol … gennt engem guer naischt

Pol — Majo ech gin da mol an bréngen se mat (en geet)

Josephine — Mai Gott ech muss d'Anne-Marie ruffen . Dat mëscht graad d'Schwain aus. Sou sténkeg kann ech et dach net séngem Mann virstellen.

*( D'Josephine geet bei d'Fenster an rifft d'Anne-Marie)*

Beweeg däin Hënner an komm direkt eran.

Anne-Marie — *(Vun dobaussen)* Waart nach kuerz…. Ech sin direkt färdeg.

Josephine — Loost direkt alles stoen a komm direkt heihin.

Anne-Marie — Waat ass dann nemmen haut lass ? Ech kommen direkt.

Josephine — *(Zum Eugène)* Daat Kand.

Eugène — Hack dach net ëmmer op him erem.

Josephine — Haat draift mech op de Baam

*(d'Anne-marie kennt eran )*

Anne-Marie — Waat ass lo schon rem lass ?

Josephine — Du gees direct an zwar direct eraus, wäschs dech an du dees däin schéinsten Kleed un. Däin Mann kënnt gläich.

Anne-Marie — Also Mami du wees och net waats du wells. Virdrun haat ech main schéinsten Kleed un an do hues du gesoot dass en awer net méi kennt an elo daat ganzt nach eng Kéier.

Eugène — Maach waat déng Mam der seet

Anne-Marie — Laang maachen ech dat net méi mat.. 2 mol Wäschen an engem Daach.. Dobai ass jo mol net Sonndeg.

*(D'Anne-marie geet)*

Eugène — Ech mengen dobaussen kommen se .

*(D'Dier geet op an de Pol, de Michel an de Claude kommen eran)*

Pol — Sou, do sin mer rem, an elo stellen ech iech se richteg fir . Daat heiten ass de Claude , hien wellt d'Päerd kaafen an hei ass de Michel , hien well är Duechter bestueden.

Josephine — Sou wait sin mer och lo

Eugène — Kommt setzt ierch hei un den Desch. Da klären mer déi ganz Saach mol an drénken e Patt.

Josephine — Lo dénkt deen schon erem un Saufen. Als éischt D'Geschäfter an duerno de Béier. Ech gin schnell raus d'Anne-marie sichen.

Gouf iwwersaat vun de Leidelenger CaraPio Mandy a Philipp (vun Däitsch op Letzebuergesch)
Gett gespillt vun de Leidelenger CaraPio : Noemi, Pascale, Rosy, Mandy, Alex an Philipp

Michel — Jo, géi déng Duechter sichen fir dass ech et eng Kéier kann vun Kapp bis Fouss kucken.

Claude — An du Bauer, weis mer endlech mol dain Päerd

Pol — Sou, elo ass jo rem alles an der Rei, dann well ech mai Fric.

Eugène — Lo maach mol lues. Als éischt mol D'Geschäft , ech kucken mer lo mol main Edem mol méi genau un.

Michel — Ok an der Rei mee gehei mech net rem direkt aus dem Haus.

Eugène — OOhh du gefälls mer jo ganz gutt ….. an eng gutt Matgëft kann ech der och verspriechen.

*(D'Joesephine kennt mam Anne-Marie hannert sech hierzéiend rem eran)*

Josephine — Komm schon . Stell dech net sou un..

Anne-Marie — Ech wees dach guer net wéi ech mech soll uléen.

Josephine — Haal einfach de Baak

Eugène — Kuck hei kënnt déng léif Braut.

*(De Michel kuckt d'Anne-marie un . Hat grinst just blöd)*

Michel — Daat ass also dai Meedchen. (Helt e Koup Geld aus der Täsch) Naischt fir ongut Bauer, mir hun eis scho riichteg verstaanen. Hei ass d'Geld, ech huelen d'Päerd mat.

Josephine — Wells du ieren soen dass d'Anne-Marie net gut genuch ass.

Michel — Nee daat stemmt net, ech fannen just dass ech nach ze jonk sin fir mech ze bestueden. *(zum Publikum)* Lieber einen alten Gaul im Stall, als einen Besen im Bett.

Claude — Eigentlech wollt jo d'Päerd kaafen, mee eng Fra feelt mer och nach op mengem Haff. Ech huelen är Duechter.

Josephine — Giff dir d'Anne-Marie also gefaalen ?

Claude — *(Kuckt sech d'Anne-Marie un )* Jo bon….. daat net grad, mee d'Haaptsaach et kacht gutt !

***Fin***

**Notes :**